Manifestatioun zu Bréissel

D'Seniore vum LCGB soen « NEEN » zu der Austéritéits-Politik vun de Regierungen an Europa.

D'Finanzkris huet Europa an eng schlëmm Situatioun bruecht, vergläichbar mat der Kris vun 1930.

Géint déi extrem Situatioun hunn d'Regierungen an Europa nëmmen eng Äntwert, an dat si Spuermoossname vun de Statsbudgeten an domadder och vun de Sozialerrungenschaften.

Dës Moossnamen, déi eis presentéiert goufen, sollen d'Économie förderen, et wäert awer just de Géigendeel sinn: Si wäerten zu enger néier Rezessioun féieren, esou wéi dat schons 1931 de Fall war.

D'Kafkraaft vun de Bierger wäert erofgoen, an d'Perspektive vun enger Reprise wäerten net erfëllt ginn.

Dës Spuermoossname sinn ongerecht, well duerch d'Finanzkris si schonn elo Millioune vu Bierger betraff, wat d' Aarmut ubelaangt, an déiselwecht Bierger wäerten elo nach eng Kéier de Rimm misse méi zouzéien .

17% Aarmut an Europa, dat ass e Skandal, an d' Aarmut wäert mat dëse Spuermoossnamen nach weider (op 37%) an Luucht goen.

D'Regierunge si gefilllos. D'Panik, déi si duerch dës Befehlmoossnamen um Maart ausléisen, ass de Staten egal.

Si bestrofen eng zweete Kéier déijéineg, déi scho fir dës Kris bezuelt hunn. Dës Spuermoossnamen wäerten och d'Wirtschaft net berouegen, mais si wäerten d'Wirtschaft stoppen an de Chômage nach méi héich an d'Luucht dreiwen.

D'Situatioun ass extrem schlëmm an Europa muss hier Responsabilitéiten huelen.

Well dës Kris ass net eis Kris an dofir geet d' « CES » an d'Offensiv ,fir e méi sozialt a solidarescht Europa ze kréien.

Dofir musse mir alleguer un der vun der « CES » organiséierter Manifestatioun , den 29. September 2010 zu Bréissel deelhuelen, fir géint dës « Austéritéits-Politik » ze manifestéieren.

Norry Peiffer

President